Dräi Priedegten zu aktuellen Themen
gehalen an der Par Atertdall Sainte-Claire
den 20. , 23. a 27. Juni 2021

D'Priedegt zum Markusevangelium 4, 35-41: Der Sturm auf dem See

D'Schëff ass vum Stuerm hin an hier geworf ginn. D'Waasser ass erakomm, an d'Jünger haten Angscht. Si hunn alles gemaach, fir der Situatioun Meeschter ze ginn. Mee ëmsoss. Et gëtt nëmmen nach eng Hoffnung, een Auswee, fir net ënnerzegoen: Jesus, dee schléift, waakreg ze maachen, an hien ëm Hëllef ze bieden.

Léif Leit,

Ass dat net e bëssen d'Beschreiwung vun deem, wat mer haut an eisen europäesche Kierchen erliewen? Mir sinn nëmmen nach e klengen Deel vun der Weltkierch, an de Kardinol Reinhard Marx mengt zuguer, dat di Däitsch kathoulesch Kierch um « doudege Punkt » ukomm wier, mat all deem Duerchenaner am Zesummenhang mam sexuelle Mëssbrauch, mat der Seenung vun homosexuellen Frëndschaften an mat dem synodale Wee, deen alles aneschters wéi konsensfördernd wierkt. Esou huet de Kardinol dann dem Poopst seng Demissioun agereecht.

Et war ze erwaarden, datt de Poopst dës Demissioun net géif unhuelen, wëll hien grouss Stecker op de Kardinol Marx hält, an och mengt, dat di Däitsch Kierch net um doudege Punkt ukomm wier, mee datt si misst hire Reformkurs weider maachen, an aller Bescheidenheet an Éierlechkeet. De Poopst Franziskus huet also d'Demissioun vun Kardinol Marx net ugeholl, mee bestätegt hien a sengem Amt an a sengem Engagement fir d'Erneierung vun der Däitscher Kierch.

Mee et geet hei net nëmmen em Kierch; et geet och ëm eis europäesch Gesellschaft allgemeng, wou mer am Gang sinn, villes ze änneren, eppes wat ëmmer méi kloer zum Ausdrock kënnt, mat der Gendertheorie, déi sech ausbreet. Den Ënnerscheed tëschen Mann a Fra soll verwëscht ginn, an nei Liewensformen sollen gutt geheescht ginn.

Och d'Fortplanzung vun den Europäer an d'Filiatioun sollen geännert ginn, an enger Welt, wou Europa ëmmer méi al gëtt an drot ze verschwannen.

Déi traditionell Famill suergt net méi genuch fir de Nowuess, an esou soll duerch Prokreatiounsmedezin nogehollef ginn. Mat Hëllef vu Soomspender a Leihmütter, solle Kanner vun Papp a Mamm getrennt an Elterendeeler uvertraut ginn, déi keng Kanner vun Natur aus kënnen op d'Welt setzen. Domat gëtt sech erhofft, datt d'Zukunft vu Westeuropa demographesch, awer och ideologesch, politesch a juristesch geännert, erneiert a gerett soll ginn.

D'kathoulesch Kierch war bis viru kuerzem total géint dës nei Stréimungen, déi Papp a Mamm verschwannen wëllen dinn, an d'Bestiednis nët méi als e Bündnis tëschen engem Mann an enger Fra verstinn. D'Kierch hat ëmmer bestëmmte Virstellungen iwwert Famill, an egal wat haut och iwwer de sexuelle Mëssbrauch gesot gëtt: an der Kierch waren sexuell Bezéiungen mat Kanner ëmmer eng Doudsënn, an di eeler vun eis erënneren sech och, datt all sexuell Handlung ausserhalb vum Bestiednis als schwéier Sënd agestuuft gouf.

Vill hunn sech un dës Virschrëften vun der Kierch gehalen, anerer net. An zuguer ënnert de Kleriker sinn et der ginn - eng ganz kleng Minoritéit, awer ëmmerhin - déi sech net un dës Geboter gehalen hunn, an déi zuguer Kanner sexuell mëssbraucht hunn, eppes Schreckleches, Skandaléises a Kriminelles, dat op kee Fall an ënnert kengen Ëmstänn dierf verharmloost ginn.

Dofir versichen verschidden Kreesser a Lobbieën mat Hëllef vu groussem Medienrummel a vill Geld dës schlëmm Wierklechkeet vun der Vergaangenheet an de Mëttelpunkt vum Interesse ze stellen: zu Recht, kënnt ee soen.

Wann een dann awer gesäit, datt et trotzdeem nach all Joers iwwer 16.000 nei Fäll vu Kannermëssbrauch an Däitschland gëtt, déi näischt mat der Kierch ze dinn hunn, da kann een sech froen, op ët bei all deem Medienrummel wierklech ëm d'Affer geet, an op et wierklech drëms geet, d'Kanner ze schützen an eng gutt Präventiounsaarbecht ze maachen. Ech hunn éischter den Androck, datt all déi Kierchekritik am Zesummenhang mam sexuelle Kannermëssbrauch dorop erausleeft, nët den Affer zur Säit ze stoen oder d'Kanner an Zukunft ze schützen, mee den Terrain virzebereeden, e neit, antichrëchtlecht Mënschebild a Gesellschaftsbild duerchzesetzen:

E Gesellschaftsbild, dat bestëmmt, wéi eng Mënschen an d'Zukunft op d'Welt dierfe kommen; wéi si mussen erzu ginn, fir gutt an d'System eranzepassen; wat fir Wäerter mussen gefördert ginn, fir dës nei Gesellschaft an Europa opzebauen.

An do ass nun eben dee grousse Feind d'kathoulesch Kierch, déi ganz aner Usiichten vum Mënsch, vun der Famill, vum Allgemengwuel a vun der Gesellschaft vertrëtt. An esou ginn da Beschoofen zu Rechenschaft gezunn fir d'Mëssstänn, déi geschitt sinn, virun hirer Amtszäit.

Op där anerer Säit awer wësse mer, datt vill sexuelle Mëssbrauch an de Schoulen an an de Sportsveräiner zum Beispill geschitt ass. Dofir gëtt awer kee Sportsminister oder Educatiounsminister vun haut zur Rechenschaft gezunn. Au contraire, et gëtt alles gemaach, fir dës Mëssstänn net an d'Ëffentlechkeet an an d'Medien ze bréngen, e Hiweis dofir, datt et an der ganzer Ausenanersetzung eben net ëm Opklärung vu sexuellem Mëssbrauch, ëm d'Betreiung vun den Affer an ëm effikass Preventioun geet, mee just dorëms d'kathoulesch Kierch schlecht ze maachen a wa méiglech verschwannen ze dinn.

A firwat? Meng Äntwert ass einfach: Wëll d'kathoulesch Kierch ëmmer erëm Jesus am Boot erwëscht. An dat gefält eisem sougenanntene fortschrëttlechen Europa net. Jesus a Gott mussen aus der Ëffentlechkeet verschwannen.

Vum Pass ass d'Relioun gestrach ginn, mee elo soll déi sexuell Konstruktioun drop gesat ginn. Zur Zäit gëtt och hei zu Lëtzebuerg driwwer diskutéiert op mer 3 Geschlechter aféieren, oder eventuell déi 60, déi d'Gendertheorien erausfonnt hunn.

D'Relioun muss aus de Schoulen eraus. Si gëtt duerch e Flichtfach ersat, vun deem keen sech dierf dispenséieren loossen, a wou di nei Ideologie propagéiert gëtt.

D'Trennung vu Kierch a Staat ass gesetzlech festgeluecht. D'Relioun soll Privatsaach sinn, net awer déi nei Genderideologie, déi Ministesch an d'Schoulen dorëmmer priedegen geet, eppes, wat mer, esou laang ech zeréckdenken, ni an eisen ëffentlechen Schoulen haten.

Gott muss aus der Ëffentlechkeet verschwannen, fir d'Leit fräi ze maachen, heescht et, a Wierklechkeet awer ass et, fir d'Leit manner kritesch ze maachen, an di nei Ideologie duerchzesetzen.

Op kee Fall dierf Jesus am Boot erwëscht ginn, wëll hien kënnt nämlech eist d'Boot, also eis Gesellschaft, eis Welt an eng aner Richtung féieren. An dat fäerten verschidden führend Kräften an eiser Gesellschaft haut. Si wëllen eng Welt an der Angscht virum Stuerm, wëll esou eng Welt kann ee besser manipuléieren.

Dat soll elo net heeschen, dat sexuelle Mëssbrauch vu Kanner an aner kriminell Machenschaften, déi ët leider och an der Kierch gëtt, sollen minimiséiert oder zuguer entschëllegt an ewegerklärt ginn.

Mëssbrauch, an all senge Formen, ass schlëmm, a sexuelle Mëssbrauch ass kriminell. An et ass bal net ze verstoen, dass trotz deem ganzen Medienrummel ronderëmm de sexuelle Mëssbrauch an der Kierch, mer haut nach, eleng an Däitschland, all Joers ëm déi 16.000 nei Fäll vu sexuellem Kannermëssbrauch ausserhalb vun der Kierch bäikréien.

Mir mussen erëm de Courage kréien, Jesus waakreg ze maachen. Hien eleng kann de Stuerm an d'Mier berouegen. A berouegen, heescht hei net, vertuschen; mee kloer gesinn, ëm wat et geet, an dann och déi richteg Entscheedungen treffen a befollegen.

***

No der *Lectio divina* en Dënschden zu Ell, ass gesot ginn, et misst ee Stellung zu deenen Themen huelen, soss géif gemengt ginn, et wëllt een dat alles vertuschen.

Dorun ass sécher eppes richteg, an dofir solle mer och iwwert dës gesellschaftlech Problemer schwätzen. Mir wäerte sécher nach aner Geleeënheete hunn, eis doriwwer Gedanken ze maachen, an och doriwwer an d'Gespréich ze kommen, wann et dann erwënscht ass.

Mat Jesus, mat dem Evangelium, kënne mer eis Angscht iwwerwannen an Léisungen fannen. Dofir loosse mer Jesus net schloofen; loosse mer hien waakrech maachen a bieden, datt hien eis bäisteet an eis hëlleft. Zum Wuel vun eiser Gesellschaft an hirer Entwécklung, an zum Luef vum Härgott. AMEN.

****

Priedegt beim Te Deum um Nationalfeierdag zu de Bibelzitater:
« Man muss Gott mehre gehorchen als den Menschen. »
« Gebt dem Kaiser, was dem Kaiser gehört, und Gott, was Gott gehört. »

« Man muss Gott mehr gehorchen als den Menschen »,

Léif Leit, et ass dat, wat de Péitrus an d'Apostelen virun héije Geriicht soen, et ass dat, wat ëmmer erëm Mënschen gesot a gelieft hunn, och an eiser Lëtzebuerger Geschicht, an elo kuerz nach an Däitschland, wou eng Schwëster vum Riichter verurteelt ginn ass, wëll si zwou nigerianesch Fraen an der Kierch Asyl gewäert huet, zwou Fraen, déi an Italien als Flüchtlingen ukomm waren. Do sinn si zur Prostitutioun gezwongen ginn a sinn an Däitschland geflücht; si goufen festgeholl a zeréck an Italien gefouert, wou si nom Gesetz higehéiert hunn. Si koumen dunn erëm an d'Hänn vun der Prostitiounsmafia an nees eng Kéier sinn si an Däitschland geflücht, wou si dann vun de Behörde opgefuerdert gi sinn, zeréck an Italien ze goen. Si wollten awer net méi zeréck an Prostitutioun, an d'Schwëster Julia Seelmann huet hinnen Kiercheasyl ginn. Dofir ass si elo den 6. Juni vum Geriicht verurteelt ginn: « Mir liewen an enger Demokratie, net an enger Theokratie » huet den Riichter René Uehlin argumentéiert.

An d'Schwëster soot: wann et, wéi hei ëm d'Zerstéierung vu Mënschen geet, da musse mer, am Eeschtfall, Gott méi follegen wéi de Mënschen.
An engem änleche Fall huet eng Riichterin awer e Pater aus der Abtei Münsterschwarzach fräigesprach.

Heescht dat, datt eis Gesetzer kee Wäert hunn?

Ganz am Géigendeel, d'Gesetzer sinn do, fir eis ze schützen, a mir sinn frou dat mer an engem Land liewen, dat e Rechtsstaat ass. D'Gesetzer awer kënnen geännert a verbessert ginn, oder dann och den Ëmstänn entspriechend esou interpretéiert ginn, datt si wierklech zum Wuel vun de Mënschen bäidroen.

Haut op eisem Nationalfeierdag gëtt am Europa-Parlement iwwert de Matic-Bericht ofgestëmmt. Doran ass festgehalen, datt d'Kand beim Avortement keng Roll méi spillt, nëmmen d'Fra nach decidéiert, an d'Avortement gëtt esou e Mënscherecht. An dësem Rapport ass och festgehalen, wéi d'Kanner sollen an der Schoul sexuell opgekläert ginn, a wéi d'Gender-Ideologie an Europa muss ugewannt ginn. Dëse Rapport, wann en dann ugeholl gëtt, huet als Folleg, datt Leit, déi d'Kand beim Avortement verdeedegen, sech stroofbar maachen, grad esou wéi Elteren, déi sech nach Papp a Mamm nennen, oder déi sech géint Gender-Ideologie wieren an hir Kanner aus dem Sexualunterrecht eraushuelen.
Dat alles gëtt haut op eisem Nationalfeierdag decidéiert, a wann et dann duerchkënnt, verléisst Europa, déi Wäerter, déi eis bis elo gutt wärend deenen leschten Joerzéngten ausgezeechent hunn.

D'Grondrecht datt all Mënsch Recht op Liewen huet bleift bestoen, mee, wéi virum chrëschtlechen Mëttelalter bei den ale Réimer: net jiddereen ass Mënsch an huet Rechter. Et gëtt fräi Mënschen, an et gëtt erëm Sklaven, deenen hiere Meechter kann iwwer Liewen an Doud entscheeden, beim Avortement, bei der Euthanasie, bei der Eugenik, a wie weess, bei nach wéi engen anere Kategorien an Zukunft.

Haut entscheet et sech, wou d'Europäesch Union histeiert.

An de Medien héieren mer vill iwwer de sexuelle Mëssbrauch, mee wéineg iwwert dëse Wäertemëssbrauch, deen haut an Europa, a leider och bei der Uno geschitt, a vertuscht gëtt.

D'Mënscherechtskommissioun vun der Uno ass am Gang d'Kommentaren zu de Mënscherechter ze änneren. Am Kommentar 6 zum Recht op d'Liewen, soll d'Recht op d'Avortement ageschriwwe ginn. Vun deenen 18, déi do am Redaktiounscomité sinn, war just di Däitsch Vertriederin géint esou eng sënnentstellend Änderung vum Recht op d'Liewen.

Sécher, Gesetzer musse gemaach ginn, an dat ass och gutt a liewesnoutwenneg. An esou solle mer och all, do mat agebonnen ginn.

« Gebt dem Kaiser, was dem Kaiser gehört », seet Jesus, awer hien seet och: *« und Gott, was Gott gehört. »*

Méi wi je sinn d'Reliounen an d'Kierchen hei erausgefuerdert, sech zu Wuert ze mellen, fir datt eis Gesetzgebung am Déngscht, net vun verschiddenen Individuen a Lobbyen steet, mee am Déngscht vun eis all, a besonnesch och vun deenen Schwaachen.

« Fratelli tutti », huet de Poopst Franziskus a senger leschter Enzyklika geschriwwen. Mir sinn all Bridder a Schwësteren, a mir missten eis Gesetzer

esou ariichten, datt all Mënsch seng voll a ganz Würde respektéiert a gesetzlech geschützt gëtt.

Loosse mer eis also net vun enger medial gesteierter Kierchekritik impressionéieren, déi d'Kierch op sexuelle Mëssbrauch wëllt reduzéieren, fir dat jo nëmmen net iwwert de grousse Wäertemëssbrauch geschwat gëtt, deen vun internationalen Finanzlobbyen déck ënnerstëtzt gëtt.

Denke mer hei un dem George Soros seng « Open Society Foundatioun », déi et fäerdeg bréngt, hir Memberen als Riichter bei der « Cours européenne des droits de l'homme » ze placéieren. 22 vun deenen 100 Riichter, sinn a Verbindung mat dëser Associatioun, an hunn an deenen leschten 10 Joer, an 88 Fäll entscheet, wou dës *Open society Association* an d'ONGen, déi vun hier finanzéiert ginn, ugeklot waren. *Open Society* setzt sech an, fir dat de Matic-Rapport onbedingt soll gestëmmt ginn, an datt esou Gender-Ideologie a mat hier de Wäertemëssbrauch sech kann gesetzlech duerchsetzen.

Léif Lëtzebuerger,

Och wann mer nëmmen méi heiansdo an d'Kierch kommen, solle mer dach versichen kritesch vis-à-vis vun deem ze sinn, wat amgaangen ass eis ze manipuléieren, a wat e richtege Wäertemëssbrauch ass, vis-à-vis vun deem, wat eis Virfahren bis elo an eisem Land, an och an Europa, vu Wäerter opgebaut a versicht hunn ze befollegen.
Wertemëssbrauch: wëll Recht op Liewen elo verstane gëtt als Recht doudzemaachen;
Wäerteverfall: wëll mat deene sougenannte neie Wäerter, gi mer ee grousse Schratt an der mënschlecher Entwécklung zeréck.

Op dem Geld ass d'Bild vun de politeschen Autoritéiten ze gesinn.
« Gitt hinnen, wat hinnen gehéiert, » seet eis Christus. Kuckt awer op dat Bild, dat Dir an Iech drot. Mir sinn net einfach Déieren, wéi den allegemenge Wäertemëssbrauch eis et haut wëllt gleewen dinn: Nee, mir sinn nom Bild vum Härgott erschaf, an esou solle mer « och dem Härgott ginn, wat dem Härgott gehéiert ».

A wa mer dat richteg maachen, da geet et eis, an och deenen anere Mënschen, gutt. Da si mer net all einfach nëmme gläich, mee dann huet jiddereen déi Plaz, déi gutt fir hien ass: « *Fratelli tutti* », all Bridder a Schwësteren wéi de Poopst Franziskus seet. An da kënne mer och eise Nationalfeierdag - houfreg op eis Heemecht - gutt a schéin feieren. AMEN.

****

Priedegt um 13. Sondeg am Joereskrees:
Huet dem Jaïrus säi Mädchen net Europa geheescht?
Zum Markusevangelium Mk 5,21-24. 35b-43

Léif Leit, léif Jugend, léif Kanner,

D'Meedchen vum Jaïrus ass schwéier krank. Säi Papp gesäit datt him eppes feelt. Hie gesäit, datt et net méi kann opstoen, datt et sech ageengt spiert a sengem Haus, wou et net méi déi wierklech Fräiheet ka fannen a liewen. De Papp versteet säi Meedchen, an hien wëllt hëllefen; hie gesäit een Auswee - fir säi Meedchen a fir sech selwer: Jesus sichen ze goen, vun deem gesoot gëtt, hie wier de Wee, d'Wourecht an d'Liewen. Wann d'Meedchen duerch säi Papp krank gëtt, da kann et awer och net liewen ouni hien. An esou stierft et, esoubal de Papp aus dem Haus ass. Mee trotzdeem geet Jesus nach dohin, an net eleng, mee mat sengen Apostelen, de Péitrus, de Jakobus an de Johannes.

Ëmmer wann dës dräi am Evangelium genannt ginn, da geschitt eppes immens Wichteges. Denke mer un d'Verklärung um Bierg Tabor, wou Jesus sech deenen dräi a senger ganzer Herrlechkeet weist, oder u Gethsemani, wou si mat Jesus sollte bieden, an deem ganz wichtege Moment viru senger Festnahm a sengem Doud. Et sinn also wichteg Momenter, wa Jesus déi dräi mathëlt: esou och hei, wou si elo e Wonner wäerten erliewen.

D'Meedchen ass dout, mee Jesus seet him: "Talitha koum!"

Dës Wieder sinn esou wichteg, datt de Markus eis se am Jesus senger Sprooch, op aramäesch, niddergeschriwwen huet: "Talitha koum: Meedchen, stéi op!" An wëll Jesus ëmgi vu sengen Apostelen de Wee, d'Liewen an d'Wourecht ass, dofir kann d'Meedchen opstoen. « Sofort stand das Mädchen auf und ging umher. »

Jesus a seng Apostelen hunn him dat richtegt Liewen bruecht, dat Liewen, dat fräi mëscht, dat d'Liewen, dat et erméiglecht, e Wee vu Wourecht ze fannen, an net doheem agespaart am Doud ze endegt.

Kuckt, mir kréie gesoot, wéi de Papp geheescht huet: Jaïrus; mir kréie och gesoot, wéi eng Jünger de Jesus mat bei d'Meedchen hëlt: de Péitrus, de Jakobus an de Johannes. Mee mir kréien net gesoot, wéi d'Meedchen heescht.

Ech giff mengen, et huet Europa geheescht. Wëll wat mat deem Meedchen do geschitt, ass genau dat, wat mat Europa amgaangen ass ze geschéien.

Europa ass schwéier krank. Et kann a wëllt net méi mat sengen ale Wäerter a Mënscherechter liewen. An esou sicht et en anere Wee: dat aalt Recht op

d'Liewen gëtt elo e Recht, d'Kanner, déi op d'Welt wëllen kommen, dout ze maachen; d'Meenungs- a d'Gewëssensfräiheet verschwannen, wëll elo däerf jiddereen nëmmen nach d'Gender-Ideologie unhuelen a verbreeden, all dat anert gëtt verbueden, an kann zuguer strofbar ginn. 56 Prozent vun den Europa-Deputéiert hunn dat op eisem Nationalfeierdag esou beschloss.

E richtege Skandal!

An de Medien ass net vill doriwwer gesoot ginn. Et sinn just déi kritiséiert ginn, di dem Minister Bettel säi Bréif net ënnerschriwwen hunn, deen sech komplett fir dës nei Ideologie asetzt. Et sinn dat 8 Länner aus dem fréieren Ostblock. Si hunn nach bis viru kuerzem ënnert enger Diktatur gelieft, a wëssen, wat dat bedeit. Si wëllen elo net an eng nei Gender-Diktatur falen, an dofir hunn si refuséiert dem Minister Bettel säi Bréif ze ënnerschreiwen. Anstatt si ze kritiséieren, misste mer hinnen félicitéieren, dat si de Courage hunn, sech géint dës Mënscherecht-veruechtend kapitalistesch Gender-Ideologie ze wieren.

Europa ass krank, wéi Meedchen vum Jaïrus.

Europa ass krank, wëll et mengt d'Mënscherechter géifen seng Fräiheet anengen an erstécken. An esou ännert et si, oder deet se verschwannen. A Wierklechkeet awer, stierft a verschwënnt Europa ouni dës Grondwäerter, aus deenen et entstanen ass.

Et gëtt nëmmen nach een Auswee, an dat ass Jesus a säin Evangelium.

Nëmmen wa mer Jesus erëm eng Plaz ginn an op säin Evangelium - an net op Gender-Ideologie - lauschteren, da gëtt Europa dat, wat et am Fong soll sinn:
net e lächerlechen, zerstriddenen Kontinent, dee seng Wäerter bradéiert an der mënschlecher Entwécklung hannendru leeft, mee e Kontinent, deen de Wee ka weisen hin zu enger besserer Liewensgestaltung fir d'Mënschen all, zu engem gréisseren Respekt vun alle Mënschen an hiren Ënnerscheeder, an net eng ideologesch Gender-Gläichschaltung, déi weder de Mënsch, nach seng Geschicht, nach seng Ëmwelt a seng Entwécklung respektéiert.

Talitha koum! Europa, stéi op!

Deng al Wäerter gefalen dir net méi, mee opgepasst: Féier keng falsch nei Wäerter an, déi d'EU dir elo virschreiwe wëll, mee lauschter op Jesus a säin Evangelium: erneier dech an deng al Wäerter esou, dass du erëm opstoe kanns, an dech op de Wee maache kanns, an eng besser, méi gerecht, méi solidaresch Welt.

Refuséier eng respektlos Gender-Ideologie an eng opgezwongen Sexual-Pedagogik, déi d'Doutmachen an d'Verschwannen am Bléck huet, vun deem, wat net an de Chrom passt.

Europa, erneier däi chrëschtleche Glawen, esou wéi de Poopst Franziskus eis en a *"Laudato si'"* an a *"Fratelli tutti"* mat op de Wee gëtt.

Déi Kontinenter, déi dëse Wee ginn, gestalten d'Zukunft a wäerten eng Zukunft hunn. Déi aner, wäerten an hirem Egoismus ënnergoen a verschwannen.

Jesus, du sees eis: Talitha koum, Meedchen stéi op!

Gëff eis genuch Intelligenz a genuch Kraaft, fir op dech ze lauschteren. AMEN.

****